Camping Auf Kengert

L-7633 Larochette/Medernach
tel +352 837186 fax +352 878323
web : www.kengert.lu
www.facebook.com/kengert
www.twitter.com/kengert
e-mail : info@kengert.lu

Plats au choix :

① Chicken fingers, Wirtschtercher an Fish-Sticks; dobai Fritten, Mayonnaise an Ketchup, 1 Glas Jus oder Waasser pro Kand.

② Nuddelen Bolognese (mat Rëndsfleesch), 1 Glas Jus oder Waasser pro Kand.

③ Pizza à Gogo, do kréien d'Kanner e Pizzabuedem an kennen selwer drop lé'en wat hinnen schmaacht, et get e klenge Buffet opgerücht mat Ham, Keiss, Tomate, Ananas, etc wou si kennen wielen. Duerno get d'Pizza gebaack; 1 Glas Jus oder Waasser pro Kand.
➔Dat muss awer mindestens eng Woch am Viraus bestellt gin an et as e minimum vum 14 Persounen.

Desserts au choix :

(a) all Kand eng Glace
(b) all Kand Uebst vun der Saison
(c) all Kand e Yoghurt

Präis :

1€ pro Alter vum Kand, mat engem Minimum vun 5,00€ an engem Maximum vun 9,00€
Fir Aer Pausen kënnt der och Croissants, Pain au chocolat oder Äppeltäschen bestellen, 1,00 € d'Stëck.
Bezuelen ass sur place, cash oder mat Kaart; méiglech ass och am Viraus mat Virement. Sorry, keng Bongen.

Forfaits fir Mëttegiessen fir Schoulklassen, Maison Relais, Crèches, ... op Reservatioun

Fir ze Buchen :

- Wëini kommt der gären an wéi spéit ?
- Mat weivill Lett sid der ? (+Alter Kanner ugin)
- Menü ① ② ③ oder ④ ? & Dessert (a) (b) oder (c) ?
1-14 Kanner = 1 Educateur gratis.
14-28 Kanner = 2 Educateurs gratis.
28-42 Kanner = 3 Educateurs gratis.

Benotzen vun eiser Wiss fir e Barbecue 25,00 € forfait

Wéi fannt dir eis ?

Den Camping an den Restaurant läien op der Grenz vun den Gemengen Medernach an Larochette.

Kommt Dir mam eegenen Bus, dann fuert vun Larochette aus den Schëlter "Camping Kengert" no.

Kommt Dir mam öffentlechen Transport, dann huelt den Bus bis op "Larochette-Bleech" oder den Zuch op Miersch (Horaires www.mobiliteit.lu oder Tel. 2489-2489). Bestellt Iech dann den "Bummelbus" (min 1 Dag am Viraus an sod hinnen, dir wiert eng touristisch Wandergrupp) um http://www.fpe.lu/services/bummelbus/#inscription fir Iech op Kéngert ze bréngen (och den Retour buchen !)

Dir kënnt och den Besuch um Buerfousswee an Motorikpark kombinéieren mat der Visite vum Feelser Schlass. Vum Schlass aus geht en flaachen Wanderwee an ongefëier 30 Minuten (mat Kanner) op den Kéngert.
Informatiounen iwwert Visiten vum Schlass : Tel. 837497 oder chateaudelarochette@pt.lu
Op 8 km zu Stegen as den Bio-Baurenhaff Baltes, wou der Visiten kënnt maachen an der Bio-Kéiserei a bei den klengen Geessen.
Info Tel 80 37 70 oder 621 199 697 oder www.biobaltes.lu
Op 9 km zu Eppelduerf as d'Eppelblëi wou d'Kanner d'Méiglechkeet hun e Bauerenhaff an d'Natur besser kennen ze léiren. Info :691 722 884 contact@eppelblei.lu

tarif 2019

bei eis Iwwernuechten

mir hun 4 Quartier Hütten mat jeweils 4 Better, wou Dir mat eegenem Schloofsaack dran iwwernuecht, Wäschen an Duschen as an eisem Campingsanitär.
Dir kënnt fir moies Brout bei eis bestellen, oder zesummen am Restaurant Kaffi drénken.

Präis fir Gruppen mat Kanner bis 12 Joer:

pro Persoun 10,00 € fir ze Schloofen
pro Persoun 5,50 €uro fir den Kaffi

eis indoor Spillplaatz

Larochette

eis

baussen Spillplaatz op Mieressand